association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, den 22. November 2019

Léif Memberen,

Den 12.11.19 hate mir eng weider Reunioun mam Educatiounsminister fir iwwer nei Proposen ze diskutéieren, déi dem Professeur-candidat sursitaire sollen den Zougang zur Professerfunktioun erlaben. Déi nei Proposen ware wuel eng Verbesserung géigeniwwer deenen vum 25.9.19, mä an eisen An nach ëmmer onfair, souwuel vis-à-vis vum Professeur-candidat sursitaire wéi och vis-à-vis vum E7-Professer. Doriwwer eraus hate mir hier legal Basis a Fro gestallt. Aus deene Grënn hate mir se ofgeleent.

En Dënschdeg hu mir dunn déi definitiv Propos vum Educatiounsministère kritt (cf. Annex). De Minister huet d'Bereetschaft signaléiert, beim Thema Mutatiounen nach e Geste ze maachen. Obwuel mir an dësem Virschlag weider Verbesserungen erkenne kënnen, ännert sech näischt un eiser Aschätzung.

Mir fuerdere weiderhin, datt de Professeur-candidat sursitaire seng E7-Karriär direkt kritt an dann déi 270 Schoulstonnen, fir déi en eng Decharge krut, opschaffe muss, z.B. andeems en den TC mécht oder iwwer Iwwerstonnen.
Den E7-Professer, deen den TC gemaach huet, soll 45 Punkte bäi kréien. Domat géif engersäits d'Valeur vun där postuniversitärer Aarbecht, duerch déi dem E7-Professer seng Karriär 18 Méint méi spéit ugefaangen huet an déi et an der A1-Karriär net méi gëtt, unerkannt ginn an anerersäits bestéing weiderhin en Ureiz fir d'Kandidaten den TC ze maachen.

Bescht Gréiss vum Exekutivcomité

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426